



NEWSLETTER N°3 JULI 2021

Rock|lines.

A journey through Minett,
the sea of red rocks

July 11th - July 28th

D'BIOSPÄR AM ZEECHE VUN DER GEOPOETIK,

De **Juli steet ganz am Zeeche vun der Geopoetik** an der Minett UNESCO Biosphär. Mä invitieren Äerch eng nach jonk Disziplin an där Geografie, Geologie a Poesie esou wéi Literatur matenee verschmälzen z'entdecken an op déi Manéier **zesummen eis Biosphäreregioun op eng nei Manéier z'entdecken**.

Där kënnt aktiv bei eiser geopoetescher Rees dobäi sinn. Déi néideg Detailler fir mat ze maache fannt där an dëser Newsletter.

WIE SINN EIS GEOPOETEN?



(c) Fehato Zanotti

Zwee Geopoeten entdecken dëse Mount zesummen den Territoire vun den 11 Pro-Sud Gemengen, déi jo gemeinsam d'**Minett UNESCO Biosphere** bilden.

Aus Italien ass de Schrëftsteller a Journalist **Davide Sapienza** op Besuch am Minett a begleet gëtt hie vum Diddelenger **Robert Weis**, Chercheur am 'naturmusée'.

Hei kënnt där deene zwee scho begéinen:

[D'BIOGRAFIE VUN DE GEOPOETEN](#)

GEOGRAPHY IN (E)MOTION



De **14. Juli um 13:30** invitieren mä Äerch op eng interessant Konferenz an de **groussen Auditoire vun der Maison du Savoir** op der Uni um Belval.

D'Estelle Evrard an d'Lise Landrin, zwou Geografinne vun der Universitéit, féieren eis an d'**Konzept vun der Geografie vun den Emotiounen** an an den Davide Sapienza erkläert säi Wee an d'**Geopoetik**.

Duerno, géint 14:45 féiert den Thomas Cauvin vum C2DH den italieenesche Schrëftsteller iwwert de Belval, dee jo nach ëmmer amgaangen ass sech komplett ze verännere.

Mellt Äerch elo un, fir bei der Konferenz an dem Vagabondage dobäi ze sinn.

[UMELDUNG FIR D'KONFERENZ](#)

HIKE & BITE UM SCHÉFFLENGER BIERG



De **Sonndeg, 18. Juli**, invitieren mä Äerch häerzlech op eng **geopoetesche Wanderung** duerch déi aussergewéinlech Landschaft vun der Minett UNESCO Biosphere.

Erlieft d'Kärzon „Brucherberg-Lallengerberg“ aus dem Bléckwénkel vun der Geopoetik, an déi den Davide Sapienza an de Robert Weis Äerch aféiere wäerten. **Am Schloss** un den Tréppeltour vun ongeféier eng Stonn, invitieren mir iech op e **Brunch mat lokale Produiten** an der Natur vun der Biosphäreserve.

Déi geopoetesche Erklärungen während dem Spadséiergang sinn op Englesch. D'Unzuel vun de Particpanten ass begrenzt, mellt iech duerfir hei un:

[UMELDUNG HIKE & BITE](#)

SUNSETWALK @ LÉIFFRÄCHEN



D'Kärzon „Léiffrächen“ vun der Minett UNESCO Biosphere bestécht duerch hir Landschaft an hiren natierleche Räichtum.

En **Dänschdeg, de 27. Juli**, proposieren mä Äerch d'Geleeënheet an dësem eenzegaarten Einfeld d'**Geopoetik z'entdecken**. Loost iech dës wëssenschaftlech-literaresch Disziplin vum italieeneschen Auteur Davide Sapienza an dem Lëtzebuerger Geolog Robert Weis erklären a **genéisst an engem de Sonnenënnergang an der Kuliss vun der Léiffrächen**.

Déi geopoetesche Erklärung dauert e bësse méi ewéi eng Stonn a gëtt **ofgeschloss mat enger Diskussioun** iwwert d'Impressiounen, déi ee sammelt konnt, **bei enger gudde Pättchen**.

[UMELDUNG SUNSETWALK](#)



6, Ellergonn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

